

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Nodeems verstärkt den Télétravail während der Kris agefouert gi war an och elo nach etlech Leit dovunner profitéieren, kéint een zäit- a plazeweis den Androck gewannen, datt et zu manner laange Staue kënnt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Kann den Här Minister dësen Androck op Basis vun Zielunge confirméieren?*
- *Wéi huet sech d'Verkéisersopkommes generell an speziell op eisen Autobunnen an der Period 2020-2022 am Verglach zur Period 2018-2020 entwéckelt?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu